PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.

An engem Artikel vum *100,7 "Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkret Proposen"* vum 12. Juni 2022 gi verschidde Mesuren thematiséiert, déi den Internationale Wärungsfong Lëtzebuerg virschléit. Niewent luewende Wierder mécht den *Country Report No. 22/152* och op verschidden Ëmstänn opmierksam, déi en als déficitaire ugesäit. Nohuelbedarf géing et zum Beispill bei der Steierreform vun 2017 ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Deelt d'Ministesch d'Meenung vum Internationale Wärungsfong, dass d'Steierreform sollt auslafe gelooss ginn? War dem Ministère am Viraus vun dëser Reform bekannt, dass se staark Auswierkungen op d'Demande no Wunnraum géing ausléisen?

2. Mat der Steierreform vun 2017 kann een op e Steierkredit zeréckgräifen ewéi op d'Méiglechkeet, d'Zënsen um Prêt ofzesetzen. Allerdéngs ass et den Ament net méiglech, e(n Deel vum) Loyer vu senge Steieren ofzesetzen. Och wann dëst net am Koalitiounsaccord steet, wéi steet d'Ministesch zu dëser Optioun, déi d'Locatairen entlaaschte géing? Wat wier de fiskalen Impakt vun esou enger Mesure?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député